



**Äntwert vun der Madamm Justizminister Elisabeth MARGUE op d’parlamentaresch Fro n°4807
vum 25. September 2026 vum honorabelen Deputéierten, Marc GOERGEN, zum Sujet
"Suroccupation de la prison de Sanem"**

1. Kann d’Justizministesch bestätegen, datt aktuell Prisonéier am Centre pénitentiaire d’Uerschterhaff op Matrassen um Buedem schlofe mussen ?
- 1.1 Falls jo, wéi vill Prisonéier sinn dovunner betraff, säit wéini a bis wéini wäert dëst esou sinn?
- 1.2. Wéi eng Moossname wäerte geholl ginn, fir dës Situatioun ze behiewen ?
- 1.3. Sinn dës Matrassen an den Zellen oder op anere Plazen am Prisong a falls jo, wéi eng ?
- 1.4. Sinn des Matrassen am Gank vum Prisong ?

Zënter Enn August schlofe Prisonéier am Centre pénitentiaire d’Uerschterhaff (CPU) op Matrassen um Buedem. Dës Matrasse befannen sech ausschliisslech an den Zellen. Et leie keng Matrassen an de Gäng.

Fir d’Kapazitéit u Better vum CPU kuerzfristeg ze erhéijen, an dës Situatioun ze behiewen, ginn elo Enn Oktober zousätzlech Better installéiert. Konkret ginn nach 20 Duebelzellen an Dräimannzellen ëmgewandelt. Well entretemps schonns eng Dräimannzell am CPU besteet, wäert d’Zuel op insgesamt 21 Dräimannzellen klammen. D’Kapazitéit vum CPU klëmmt doduerch nach vun 417 op 437.

2. Wéi huet sech zënter der Ouverture vum Centre pénitentiaire Uerschterhaff de Ratio tëscht dem Personal (ETP) an der Zuel vun de Prisonéier entwéckelt ?

	2022	2023	2024	2025	2026**
Personnel : Total en équivalents plein temps (ETP)	259.2	351.5	355.5	352.35	357.15
Dont personnel de surveillance	177.6	247.8	253.4	243.4	251.05
Ratio nombre de détenus par personnel de surveillance*	0.8	1.0	1.0	1.3	1.6
Ratio nombre de détenus par personnel total*	0.6	0.7	0.7	0.9	1.1
Nombre de détenus au CPU au 31/12/N	143	260	250	318	401

* Calcul suivant instructions du Conseil de l'Europe : Nombre de détenus divisé par nombre de personnel à une date de référence (ici 31.12.N)

** Exception - données 2026 au 19.10.2026

D’Zuel vum Gesamtpersonal am CPU ass zënter der Ouverture Enn 2022 bis 2024 kontinuéierlech geklommen. No engem liichte Réckgang am Joer 2025 ass d’Zuel am Joer 2026 nees eropgaangen.

Och bei den Agents pénitentiaires gouf bis 2024 eng kontinuéierlech Hausse festgestallt. No engem liichte Réckgang am Joer 2025, ass och d’Zuel vun den Agents pénitentiaires am Joer 2026 nees geklommen. Dobäi ass ervirzehiewen datt virun der Ouverture vum CPU e Besoin vun 236



Vollzäitäquivalenter (ETP) am Beräich vun der Iwwerwaachung festgeluecht gouf. Dëse Referenzwäert gëtt och aktuell agehalen.

D'Prisongsverwaltung rekrutéiert kontinuéierlech nei Mataarbechter. De liichte Réckgang bei den Agents pénitentiaires erkläert sech engersäits duerch Pensiounsdeparten an Elterecongéen, an anersäits duerch net bestane Stageexamen, Demissiounen oder intern Mutatiounen.

Aktuell sinn 38 Poste fir Agente vun der Prisongsverwaltung ausgeschriwwen.

3. Si beim Personal déi virgeschriwwen Aarbechts- a Rouzäite vum Personal agehale ginn ?

Déi gesetzlech virgeschriwwen Aarbechts- a Rouzäite vum Personal gi respektéiert.

4. Huet déi aktuell Iwwerbeleeung zu méi Iwwerstonnen oder aneren zousätzleche Belaaschtunge fir d'Personal gefouert ?

D'Krankmeldunge bei den Agents pénitentiaires tëschent Mäerz 2026 a September 2026 si relativ stabil bliwwen.

Wat d'Iwwerstonnen ubelaangt goufen tëschent Januar a Mäerz 2026 an der Moyenne 120 Iwwerstonne pro Mount bei den Agents pénitentiaires geleescht. Tëschent Abrëll a September 2026 ass dës Moyenne op 304 Stonne pro Mount eropgaangen.

5. Ass bei der aktuelle Iwwerbeleeung d'Sécherheet vum Personal agehale ginn ?

De CPU ass bei der Konstruktioun fir eng Unzuel vu 400 Detenuen ausgeluecht ginn. D'Méiglechkeet gouf genotzt fir d'Kapazitéit op 416 a geschwënn dann op 437 ze erhéijen. Dat geschitt elo doduerch, datt méi Detenuen a verschiddenen Zellen ënnerbruecht ginn (wéi an der Fro 1 duergeluecht). Dës Auslaaschtung iwwer déi geplangte Kapazitéit stellt ouni Zweifel eng zousätzlech Erausforderung fir d'Organisatioun an d'Sécherheitsgestioun duer.

Trotz dëser Auslaaschtung konnt d'Sécherheet vum Personal an den Detenuen awer séchergestallt ginn. Gläichzäiteg gëtt permanent dru geschafft fir d'Sécherheet weider ze optiméieren.

Lëtzebuerg, den 27. Oktober 2026

D'Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue